PIRATEPARTEI LËTZEBUERG
1A, RUE DE LUXEMBOURG
L-8184 KOPSTAL

Koplescht, den 22te Mäerz 2022

Eng wichteg Matdeelung un all d'Piraten

Ahoi léiwe Member,

Mir als Präsidium wëllen eis heimat an aller Form distanzéieren vun engem Propaganda-Tweet zum Russland-Ukrain-Krich, dee vun eiser Tresorière Lucie Kunakova geliked gouf. Deen Tweet ass absolut geschmacklos an indiskutabel an alt erëm e Bewäis dofir, mat wéi enge verwerfleche Methoden an dësem onméigleche Krich Falschinformatioune verbreet ginn.

Eis Parteigremien hu sech direkt der Saach ugeholl an déi betraffe Persoun, déi och Präsidiumsmember ass, zur Ried gestallt. D'Lucie Kunakova iwwerhëllt seng Verantwortung an demissionéiert als Trésorière. De Präsidium huet dës Demissioun akzeptéiert. De Gilles Mertz, Member vum Präsidium, assuréiert den Interim vum Trésoriersposten, dee beim nächste Kongress nei gewiehlt gëtt.

A Konformitéit zu eiser Satzung organiséiere mir den nächste Landeskongress fir Donneschdes, den 2te Juni 2022, owes. Auerzäit an Uertschaft kriss du nach fréihzäiteg matgedeelt.

D'Piratepartei deelt a kengster Weis den Inhalt vum Post a veruerteelt de betraffenen Tweet schaarf. D'Pirate weisen nach eng Kéier drop hin, datt si absolut solidaresch mat den ukraineschen Affer vun dëser brutaler a mënscheveruechtender Invasioun sinn. Mir hunn dës Invasioun, vun der éischter Minutt un, ferm condamnéiert. Mir hunn eis dofir agesat, datt esou schnell wéi méiglech drohbar Antipanzer-Missilen NLAW an d'Ukraine geschéckt gi sinn a mir waren et och, déi gefuerdert hunn, d'Chambersgebai an den ukrainesche Faarwen ze beliichten. Mir hoffen, datt dëse schreckleche Krich esou séier wéi méiglech en Enn fënnt.

GOERGEN Marc
Koordinator